piraten.lu

N°3291
Entrée le 04.12.2025
Chambre des Députés
Déclarée recevable
Président de la Chambre des Députés
(s.) Claude Wiseler
Luxembourg, le 05.12.2025
Chambre des Députés

PIRATEN

Claude WISELER
President vun der
Chamber vun den Deputéierten
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 04/12/2025

**Här President,**

**Sou wéi den Artikel 80 vun eisem Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Ministere fir Wirtschaft & Energie weiderzeleeden.**

An der Äntwert op d'parlamentaresch Fro n°3114 vum 12. November 2025 huet den Här Minister preziséiert, datt Lëtzebuerg Deel vum europäesche Bannemarché fir Gas ass an eng exakt Traçabilitéit vun de Gas-Molekküllen technesch net méiglech ass. Wärend de STATEC fir d'Joer 2023 ugëtt, datt e groussen Deel vun eisem Gas via d'Belsch (27,3% als LNG) a Frankräich (14,5% als LNG) importéiert gouf, weisen d'Eurostat-Zuelen, datt am zweeten Trimester 2025 EU-wäit nach ëmmer 12,9% vum LNG a 7,8% vum Pipeline-Gas aus Russland koumen.

D'Decisioun vum EU-Conseil vun den Energieministere vum 20. Oktober 2025 am Kader vu „RePowerEU" gesäit vir, datt bis spéitstens Enn 2027 guer kee russesche Gas méi an d'EU soll fléissen. Well Lëtzebuerger Fournisseuren sech awer, laut der Äntwert vum Minister, weiderhi fräi um Bannemarché approvisionéiere kënnen an en Traçage schwiereg ass, stellt sech d'Fro, wéi dëst politescht Zil konkret ëmgesat an iwwerpréift ka ginn, ouni d'Versuergungssécherheet oder d'Präisstabilitéit ze gefäerden.

An deem Zesummenhang wéilt ech de Ministeren dës Froe stellen:

1. Wann den direkten Traçage technesch onméiglech ass, wéi eng Schätzunge leien dem Ministère vir, wéi héich den effektive russeschen Undeel an deene Gas-Importer ass, déi laut STATEC offiziell aus der Belsch oder aus Frankräich kommen?

2. Wéi gedenkt d'Regierung sécherzestellen, datt d'Zil vun „Null russesche Gas bis 2027" erreecht gëtt, wann d'Lëtzebuerger Fournisseure weiderhi fräi op engem anonymiséierte Bannemarché akafen, wou russesche Gas potenziell ëmgelabelt weiderverkaaft gëtt, an z.B iwwert Drëttstaaten

Sensibilité Politique Piraten
Chambre des Députés

piraten.lu

PIRATEN

an d'EU erafléisst?

3. Gëtt iwwerluecht, nei Transparenz-Reegelen oder Zertifizéierungspflichten (Certificates of Origin) fir Lëtzebuerger Gasimportateuren anzeféieren, fir d'Hierkonft vum Gas onofhängeg vu physikalesche Flëss kontraktuell nozeweisen?

4. Wéi eng konkret Alternativen zu de momentane "Spot-Maart"-Akeef ginn de Gasfournisseuren ugeroden oder staatlech ënnerstëtzt, fir laangfristeg Kontrakter mat net-russesche Produzenten ofzeschléissen?

5. Mat wéi engem Impakt op d'Energiepräisser fir Stroum a Gas rechent de Ministère fir d'Enn vum Joer 2027, wann déi bëlleg russesch Gas-Offer komplett vum europäesche Maart verschwënnt?

Mat déiwem Respekt,

CLEMENT Sven
Deputéierten